



Här Jean-Pierre ECKER

Gemengeconseiller

16, chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.62164.SECR

Péiteng, den 2. August 2024

**Betreff: Är Froe vum 2. Juli 2024**

(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Schmit Jerry - Tel. : 50 12 51 – 2012)

Här Jean-Pierre Ecker,

An Ärem Bréif vum 2. Juli 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schännerot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schännerot,*

*Déi grouss Braderie zu Rodange huet fréier fir vill Freed gesuecht, net nëmmen bei de Geschäftsléit, mee grad bei de Leit an eiser Gemeng an doriwwer eraus.*

*An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:*

- 1. Wéini wäert de Schännerot eng nei Editioun vun der Rodanger Braderie lancéieren?*
- 2. Kéint de Schännerot sech virstellen, zesumme mat den Rodanger Geschäftsléit, fir eng nei Editioun vun der Rodanger Braderie z'organiséieren?*

*Mat Respekt,  
Jean-Pierre Ecker  
Gemengeconseiller*

Hei dem Schännerot seng Äntwert op är Froen :

Eng Braderie z'organiséieren gehéiert net zu den Missiounen vun der Gemeng.

Eng Braderie ass eng Manifestatioun déi, duerch hieren "caractère à but lucratif", kloer dem Aktivitéitsberäich vun engem Groupement d'Intérêt wéi dem Geschäftsverband zouzeuerdnen ass.

Wann eng Demande vum Rodanger Geschäftsverband erakënnt ennerstëtzt d'Gemeng déi Initiative gären an deem se Verkéiersreglementer hält fir Stroossen ze spären, Schëlde fir Deviatioune setzt, d'Botze vun de Stroossen a Plazen iwwerhëlt oder nach Reklamm iwwert hier sozial Reseau mécht.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,